## EL HILO CONDUCTOR – DE LEETFUEDEM

Andamos huet 2018 säin éischte ronne Gebuertsdag gefeiert, an dat ass e gudde Moment fir e Réckbléck op di läscht 10 Joer.

Mer haten 2008 kleng ugefaangen, a mat 1000 Euro d'Joer gerechent, fir d'Aarbecht vun eise Partner a Bolivien an am Chile ze ënnerstëtzen. Den éischte Projet war de Parrainage vun Internatsschüler aus der bolivianescher Handwierkerschoul Sayarinapaj zu Bella Vista, a Bolivien. D'Fundacion Cristo Vive, ënner der Leedung vun der Schwester Karoline, war a bleift hei eise Partner – a vill vun eise Pätteren a Giedelen sinn zënter den éischte Joren mat dobäi. Besonnesch hinnen e ganz grousse Merci!



Mat der Zäit konnte mer nei Spender gewannen. Weider Projeten koumen dobäi, sou wéi den Teatrobus am Chile, geleet vum Diane Catani. Och a Bolivien konnte mer méi Verantwortung droen, a bezuelen Gehälter. Engagéiert bolivianesch Sozialaarbechter an Educatricen kënnen doduerch konstant Mënschen a schwierege Situatiounen hëllefen: Kanner aus Famillen an Nout, Schüler, déi Ënnerstëtzung brauchen, eeleren Dammen an Hären, no deene soss kee kuckt.

Sou wéi Dir et op dese Säiten kënnt gesinn, ass Andamos! gewuess, ëmmer mat Wäitsiicht, an mat deene Prinzipiën, déi eise roude Fuedem sinn: do hëllefen, wou mer kënnen, mat Leit, déi mer kennen, an ouni ee Su vun Äre Spenden ze verbëtzen!

An deem Sënn: Andamos! - Kommt, mer ginn!
Zesumme weider, an en neit Joerzéngt!


**Weider Informatioune kritt Dir bei:**
Carmen Seyler a Luc Azzeri
Liesie Gompelmann a Fränk Arend
Marc Frieden an Nadine Lamesch

**Andamos! asbl**
3, rue Michel Rodange
L-7681 WALDBILLIG
Tel.26 81 08 29

www. andamos.lu info@andamos.lu
BCEE LU80 0019 2955 3635 3000


## MUCHAS GRACIAS

E grousse Merci un all d'Famillen, Frënn, Veräiner a Schoulen, déi am Laf vum Joer en Don un Andamos ginn hunn.

2018 waren dobäi:

- Schoul vun Tandel
- Kommiounskanner vum Dekanat Wolz
- Dellhéicht Schoul vun Esch
- Lycée Ermesinde
- Fraen a Mammen vum Dekanat Esch
- Syndicat d'Initiative vun Fouhren
- Syndicat d'Initiative vun Baastenduerf-Branebuerg
- Gymnastikclub Fit a Flott
- De Widong
- Käerjeng hëlleft

## E PUER ZUELEN

**6** – 6 Leit si benevol am Comité vun Andamos aktiv

**10** – 10 Joer besteet eis Asbl schon!

**270 000** – 270 000 Euro konnte mer bis elo a Boliviien an an de Chile iwwerweisen.

**100 000** – 100 000 km hu mer op 4 Reesen a Bolivien zeréckgeluecht.

**35** – 35 Pätteren a Giedelen iwwerweisen all Mount 20-25 Euro un d'Internatsschüler aus der Handwierkerschoul zu Bella Vista. Merci

**0** – 0 Euro Spendegelder gi mer fir administrativ Käschten oder fir d'Reesn aus.

**5 000** – Ongeféier 5000 Wurschten hu mer verkaft, fir...

**9 100** – Iwwer 9 100 Chrëschtkarten sinn am Emlaf

**6 500** – 6500 Déplianten an Timberen ze bezuelen.

